LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Le Ministre

Luxembourg, le 3 décembre 2020

REÇU
Par Alff Christian , 09:15, 03/12/2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Objet :** Réponse du ministre des Sports à la question parlementaire n° 3072 de Monsieur le Député Marc Goergen au sujet de l'organisation et des priorités du ministère des Sports

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse à la question parlementaire n°3072.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

66 Bureaux:
66, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

Adresse postale:
B.P. 180
L-2011 Luxembourg

Tél. (+352) 247-83406
Fax (+352) 43 44 36

www.sport.public.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Réponse du ministre des Sports à la question parlementaire n° 3072 de Monsieur le Député Marc Goergen au sujet de l'organisation et des priorités du ministère des Sports.**

De Poste vum Commissaire à l'éducation physique et aux sports gouf bis ewell nach net besat.
Den 18. November 2020 ass de Projet de loi n°7708 an der Chamber déposéiert ginn, wou et och ënnert anerem ëm d'Funktioun vum Commissaire geet. De Projet läit am Moment an der zoustänneger Chamberskommissioun.

Niewent de Salariéen déi ënnert de Staatskollektivvertrag falen, schaffen insgesamt 74 Beamten am Sportsministère, respektiv an de Servicer déi ënnert d'Kompetenz vum Sportsminister falen.
Sechs Beamten dovunner hunn een ofgeschlossene Studium an de Sportswëssenschaften, anerer hu spezifesch Formatiounen am Beräich vum Sportmanagement, weiderer hu Formatiounen am Beräich vun den Trainingswëssenschaften an zulescht ginn et och Beamten am Sportsministère, respektiv a senge Servicer, déi eng Trainerformatioun hunn. Niewebäi bemierkt, schaffen och fréier Spëtzesportler am Sportsministère, déi zumindest een zolitte Bagage un Erfahrungen, och am Beräich vum Spëtzesport, matbréngen.

Sief dann och nach gesot, datt am Sportsministère och Beamte schaffen déi "nogewise Kompetenzen" an anere Beräicher hunn, déi zum Beispill bei der Berodung vun de Gemengen eng wäertvoll Aarbecht leeschten. Och huet de Sportsministère, niewent dem Spëtzesport, nach eng grouss Panoplie un Aufgaben déi och net ze kuerz kommen a wou zum Deel, elo schonn an deemnächst och nach, zousätzlecht Personal wäert agestallt ginn.

Wat dann awer elo de Spëtzesport erëm ubelaangt, sou sinn an de leschte Joren, net zulescht och mat der Hëllef vum Luxembourg Institute for High Performance in Sports (LIHPS), deen iwweregens integral vum Sportsministère finanzéiert gëtt, essentiell Schrëtter am Sënn vun der Professionaliséierung an d'Weeër geleet ginn. Vun der geplangter paralleler Carrière zu där vun de Sportszaldote wäert och d'Professionaliséierung am Spëtzesport mat Sécherheet profitéieren. Net ze vergiessen dann och nach déi sougenannten "Sportfabrik" zu Déifferdeng, wou ab Hierscht d'nächst Joer déi Sportsspezifesch Recherche, och an der Trainingsoptiméierung, sécherlech zu méi Professionaliséierung wäert bäidroen.

De Renforcement vun de Verbandsstrukturen, deen iwweregens am Regierungsprogramm als eng vun de Prioritéiten definéiert ass, huet an de leschte Jore schonn eng gréisser Repercussioun am Budget an och am Pluriannuel vum Sportsministère gehat. D'Kreditter fir dëse Budgetsartikel weise par rapport zum Budget 2019 eng Hausse vu 24 % fir 2020, vun 38% am Joer 2021, vu 54% fir d'Joer 2020 a 70% fir 2023. Eleng am Joer 2020 kruten d'Federatiounen insgesamt 12 Posten, administrativer an och technescher Natur bäi, an dëst ass dann och a Konventiounen esou festgehale ginn. D'Mise en place vun engem Fënnef-Joresplang am Beräich vum Personal vun de Federatiounen, weist d'Wichtegkeet déi dem Renforcement vun de Verbandsstrukturen zoukënnt.

Sief dann och nach gesot, datt d'École nationale de l'éducation physique et des sports (ENEPS) an Zukunft, nieft der neier Aus- a Weiderbildung am Kader vun den Trainerformatiounen, och Formatioune fir administratiivt Personal wäert ubidden, wat ouni Zweiwel dozou wäert bäidroen, datt d'Federatioune sech eng méi professionell Struktur kënne ginn, wat dann och, ënnert anerem, dem Spëtzesport zu Lëtzebuerg wäert zegutt kommen.